N°133
Entrée le 21.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.12.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Wann een innerhalb vum Land wëll vun enger Gemeng an déi aner plënneren, muss een mat senger Carte d'identité bei der Gemeng virstelleg ginn. Verschidde Gemenge froen dann nach, dass een an der Gemeng virstelleg gëtt an nieft der Carte d'identité och den Acte oder den Contrat de bail matbréngt. Verschiddener hunn mëttlerweile eng online Prozedur fir sech ëmzemellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt et vum Inneministère hei Pläng fir de Changement de résidence landeswäit ze harmoniséieren? Wa jo, wat soll déi landeswäit Prozedur ginn? Wéini soll dëst ëmgesat ginn?
2. Et ka virkommen, dass Leit sech op enger Plaz umellen, wou se entweder net wunnen oder wou se net d'Erlabnis hunn ze wunnen. Wéi solle Proprietairen virgoen, wann se feststellen, dass eng Persoun sech ouni hir Erlabnis an hirer Wunneng ugemellt huet? Wéi kënne Proprietairen esou eng Umeldung feststellen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°133 vum honorabelen Députéierten Sven Clement zum Sujet « Procédure du changement de résidence »**

**Fro n° 1**

Dat ofgeännert Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vun physesche Persounen gesäit detailléiert national Reegele vir fir d'Opstelle vum Populatiounsregëster vun de Gemengen, d'Definitioun vun der Résidence habituelle vun den Awunner, d'Conditioune fir d'Inscriptioun, d'Inscriptiounsprozedur, d'Radiatioun aus dem Regëster an d'Donnéeën, déi am Regëster opgeholl ginn. Et gëtt haut also schonn ee gesetzlech gereegelten, harmoniséierte Regime iwwert d'Populatiounsregësteren.

**Fro n° 2**

An der grousser Majoritéit vun de Fäll mécht de Bierger bei der Inscriptioun an de Populatiounsrégester eng einfach Deklaratioun, dass en op enger bestëmmter Adress wunnt an déi d'Gemeng enregistréiert. Et ka virkommen, dass d'Gemengen, de Moment wou eng Persoun sech an de Populatiounsregëster aschreift, een Zweifel iwwert d'Réalitéit vun engem deklaréierte Wunnsëtz kënnen hunn. An deem Fall gesäit d'Gesetz vir, dass de Buergermeeschter oder säin Delegéierten eng Inscriptioun op de Registre d'attente mécht an de Bierger freet, fir de Beweis ze bréngen, dass en tatsächlech op där Adress wunnt. Dee Beweis kann de Bierger op verschidde Manéiere bréngen, déi dat uewe genannte Gesetz am Detail, awer net exhaustiv virgesäit. D'Gesetz ass schonn 2016 geännert ginn. Säitdeem kann de Bierger, ënnert anerem, de Contrat de Bail, den Accord vum Propriétaire oder vum Occupant vum Logement als Beweis fir d'Realitéit vum Wunnsëtz bréngen. An deem Kontext muss een erwänen, dass d'Loyersgesetz vun 2006 aktuell nach ëmmer virgesäit, dass e Loyerskontrakt och mëndlech ka gemaach ginn. An sou Fäll kéint de Locataire oder Sous-Locataire keng Kopie vum Loyerskontrakt virweisen.

Et ginn och Situatiounen, wou Co-Locatairen oder Sous-Locatairen sech an enger Wunneng umellen, wou de Proprietaire näischt dovunner weess oder wou hien d'Co-Locatioun oder d'Sous-Locatioun am Contrat de bail ausgeschloss huet. De Proprietaire wennt sech dann un d'Gemeng fir gewuer ze ginn, wien op der betraffener Adress ugemellt ass. D'Gemeng däerf aus Dateschutzgrënn awer keng Informatioun iwwert d'Inscriptiounen am Populatiounsregëster rausginn[1].

Lëtzebuerg, den 19.01.2024.
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden

[1] Ofgeännert Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vu physesche Persounen: "*Art. 41. Les données ou listes de données figurant au registre national ou communal ne peuvent être communiquées à des tiers. Cette interdiction ne vise pas les autorités, administrations, services, institutions ou organismes habilités, par ou en vertu de la loi, à obtenir de telles données ou listes de données et ce pour les informations sur lesquelles porte cette habilitation.* "